ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** un den Här Premierminister weiderzeleeden.

An engem Interview an der Zeitung „Die Welt" fuerdert de Lëtzebuerger Bausseminister Ungarn soll zäitweileg oder fir ëmmer aus der Europäescher Unioun ausgeschloss ginn. Dës Fuerderung huet zu ville Reaktioune gefouert, dovunner ganz negativer vun der Ungarescher Regierung. Och Bausseminister a Regierungsmembere vun anere Memberstaaten hunn sech géint dës Fuerderung gestallt.

Dowéinst wéilt ech dem Här Premierminister dës Froe stellen:

Deelt de Premierminister d'Meenung, datt Ungarn soll zäitweileg oder fir ëmmer aus der Europäescher Unioun ausgeschloss ginn, esou wéi déi de Bausseminister se am Interview vertrueden huet?

Wa jo:

- *Hat den Här Bausseminister e Mandat vum Regierungsrot, fir dës Aussoen ze maachen?*
- *Ass dëst d'Positioun, déi d'Lëtzebuerger Regierung um informelle Sommet vu Bratislava vertriede wäert?*
- *Huet Lëtzebuerg konkret Schrëtt ënnerholl, oder wäert Lëtzebuerg kuerzfristeg Schrëtt ënnerhuelen, fir d'Mechanismen innerhalb un der europäescher Union ze lancéieren déi zu Sanktiounen oder zum Austrëtt vun Ungarn wäerte feieren, wéi se am Artikel 7 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun virgesi sinn?*

Wa neen:

- *Wéi wëll d'Lëtzebuerger Regierung bekannt maachen, datt d'Aussoe vum Här Bausseminister am Interview NET d'Meenung vun der Lëtzebuerger Regierung erëm ginn?*
- *Wéi eng perséinlech Konsequenze muss den Här Ausseminister droen, wann e mat „perséinlechen" Aussoen der Lëtzebuerger Diplomatie schued?*
- *Wéi eng Moossname wëll Lëtzebuerg ënnerhuelen, fir seng bilateral Bezéiungen mat Ungarn ze normaliséieren?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten